N° 8346
Entrée le 20.10.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité intérieure

**Äntwert vum Här Henri Kox, Minister fir bannenzeg Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 8346 vum 25 September 2023 vum honorabelen Députéierten Fernand Kartheiser**

Ad. 1).

Bei de genanntenZuele vum honorabelen Deputéierten handelt et sech net ëm d'Rekrutementer, mee ëm d'Augmentatioun vum Effektiv deen d'Police tëscht dem 1. Januar 2020 an dem1. Juli 2023 erreecht huet. Konkret heescht dëst datt op den 1ten Juli 2023,wann een Departe vun den Neizougäng ofrechent, 781 méi Leit bei der Police schaffen. Dëst ass eng netto Hausse vun 33% an dräi an engem hallwe Joer. Dëst geet och esou aus dem Communiqué ervir, deen een um Internetsite vun der Regierung kann noliesen:
https://gouvernement.lu/fr/gouvernement/kox-henri/actualites.gouvernement%2Bfr%2Bactualites%2Btoutes_actualites%2Bcommuniques%2B2023%2B09-septembre%2B21-kox-msi.html

D'Situatioun vum Alter a vum Geschlecht stellt sech folgendermoossen duer bei de Stagiairen, déi hir Ausbildung jeeweils am Mee 2021, 2022 an 2023 op der Policeschoul ugefaangen hunn:

| | 1re vague | 2e vague | 3e vague |
|---|---|---|---|
| Rentrée à l'École de Police | 03.05.2021 | 02.05.2022 | 02.05.2023 |
| Élèves | 198 | 199 | 191 |
| Dont F | 54 | 52 | 39 |
| Dont H | 144 | 147 | 152 |
| Moyenne d'âge | 26 (21 – 40) | 26 (19 – 50) | 26 (19 – 45) |
| | | | |
| Serment spécial | 182 | 167 | Juin 2024 |
| Assermentation | 176 | Avril 2024 | Avril 2025 |

Wat de schouleschen Niveau betrëfft, gëtt iwwerpréift ob d'Kandidate de néidegen Diplom hunn, fir kënnen am jeeweilegen Traitementsgrupp ugestallt ze ginn. Dëst ass eng Troisième fir den C1 an eng Première fir de B1. Eng Differenz tëscht deenen eenzelen Diplomer (secondaire, secondaire technique, DAEU, ...) gëtt iwwerdeems net gemaach, an och de Fait, ob d'Kandidaten weiderféierend Studien ofgeschloss hunn, gëtt net erfaasst.

Sproochlech Kenntnisser, déi iwwer déi dräi Verwaltungssproochen erausginn, gi weder getest, nach systematesch erfaasst.

Ad 2.)

Wat de sportlechen Niveau ugeet, muss all zukünftege Polizist de Sportstest packen, deen am modifizéierte groussherzogleche Reglement vum 29. Juli 2020 festgehalen ass. Männlech Kandidaten hu fir dee Parcours 1 Minutt an 10 Sekonnen Zäit, iwwerdeems et bei de Fraen 1 Minutt an20 Sekonne sinn. Andeems dëse Parcours speziell op Situatiounen ausgeriicht gouf, déi sech an änlecher Form kënnen am Alldag vun engem Polizist erëm fannen, kann iwwerdeems keen direkte Verglach mam Sportstest vun der Arméi gemaach ginn.

Lëtzebuerg, den 20. Oktober 2023

Den Minister fir bannenzeg Sécherheet

(s.) Henri KOX